



Dann zu der Motioun. Wann ech dat richteg verstanen hunn, ka jiddwereen - oder bal jiddwereen - domat liewen. Jiddwereen! Da géif ech lech froen, ob mer dat kënne per Handop-hiewe maachen.

(Assentiment)

Vote sur la motion 1

Wien domat d'accord ass, ass gebieden, d'Hand ze hiewen. Géigeprouf: Wien ass do-géint? Wien enthält sech?

Domat ass d'Motioun unanime ugeholl. Merci.

4. Ordre du jour

A mer géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, dat ass deen nächste Projet de loi. Mir hunn herno nach eng Resolutioun. Ech géif proposéieren, dass mer déi um Enn huelen. Sidd Der domat d'accord?

(Assentiment)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Elo ware mer amgaang.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Et ass net zu deem Projet.

Den nächste Punkt ass de Projet 6931 iwwert deen éischten... - et kënnt mer net iwwert d'Lëpsen -, iwwert deen éischte Paquet ferroviaire. An d'Wuert huet direkt d'Madamm Rapporteur, d'Josée Lorsché, déi och scho bereet ass.

5. 6931 - Projet de loi portant transposition de la refonte du 1^{er} paquet ferroviaire et modifiant

1. la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire;

2. la loi modifiée du 11 juin 1999 relative à l'accès à l'infrastructure ferroviaire et à son utilisation;

3. la loi modifiée du 22 juillet 2009 relative à la sécurité ferroviaire; et

4. la loi du 3 août 2010 sur la régulation du marché ferroviaire

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng), *rapportrice*.- Merci, Här President. Mir komme vun den Haiser zu de Schinnen, wou et drëms geet, d'Reform vum éischte Paquet ferroviaire ze stëmmen. Dës Reform entsprécht der Logik vun der europäescher Eisebunnspolitik, op déi ech kuerz wëllt agoen. Déi ganz Geschicht ass nämlech zimlech komplex an awer och ganz émstridden.

Wéi Dir wësst, ass déi Europäesch Kommissioun schonn zanter den 90er Joren drop aus, den europäeschen Eisebunnsssektor ze liberaliséieren, en eenheetlechen europäeschen Eisebunnssraum mat gläiche Rechter fir d'Ubiddere ze schafen an de Sektour op déi Manéier méi konkurrenzfähig ze maachen.

An deem Kontext huet déi Europäesch Kommissioun am Laf vun der Zäit véier Paquets ferroviaires adoptéiert. Deen éischten am Joer 2001, dee sech op d'Liberaliséierung vum Giddertransport fokusséiert huet. Deen zweeten am Joer 2004, deen der Osterweiterung vun Europa mat dem Bättrëtt vun zéng Member-state Rechnung gedroen huet an och zu der Kreatioun vun der europäescher Eisebunnsgesellschaft gefouert huet.

Deen drëtten Paquet stamt aus dem Joer 2004 a war geduecht, fir nom Giddertransport och de Persounentransport ze liberaliséieren. A fir dee ganze Prozess ofzeschleissen, ass net méi spéit wéi de 14. Dezember vun deem Joer en éischten Deel vum véierte Paquet ferroviaire vum Europaparlament ugeholl ginn.

Esou vill zum Gesamtkontext, an deem déi europäesch Eisebunnspolitik an domat och dese Projet de loi sech beweegt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deemem Projet de loi komme mer zréck op den éischte Paquet ferroviaire, deen ech virdrun erwänt hunn, deen d'Liberaliséierung, wéi gesot, agelaut huet, dat am Joer 2001. Dësen éischte Paquet muss nogebessert ginn. E besteet aus dräi EU-Direktiven, déi am Laf vun de Jore modifizéiert gi sinn an zu enger Rei Onkloerheeten an Ongerechtegkeete gefouert hunn. Fir déi legal Basis vum éischte Paquet ferroviaire ze verbesseren, sollen dës dräi Direktive

mat dem Projet de loi vun haut an engem eenzegen Text konsolidéiert ginn. Dohier kënnt dann och den Term „refonte“.

Wat ass den Inhalt vun deenen dräi Direktiven? Léif Kolleginnen a Kollegen, déi dräi Direktiven definéieren d'Zougangsrechter zu den Infrastrukturen a sollen dofir suergen, dass keng Diskriminatioun beim Zougang soll entstoën. Donieft enthalten déi Direktiven eng Rei Dispositionen, déi d'Onofhängegkeet an d'Kompetenze vun den nationale Kontrollorganismen am Eisebunnsssektor sollen ofsëcheren. Dat si gutt gemengten Ziler, mä déi initial Texter hunn awer eng Rei Lacunen opgewisen. Dat huet sech duerno erausgestallt.

Déi Europäesch Kommissioun koum an engem grouss ugeluechte Bilan am Joer 2011 nämlech zur Konklusioun, dass déi transnational Eisebunnssoperatore beim Zougang zum Marché mat ze vill techneschen, juristeschen a politeschen Hürde konfrontéiert wieren.

Aus deem Grond huet d'Kommissioun decidéiert, am Kader vun der Refonte, méi kloer Bestëmmungen, méi Gerechtegkeet a méi Transparenz an d'Gesetzgebung an domat och an dee ganze Sektour ze bréngen: éischstens, um Niveau vum Financement vun der Infrastruktur; zweetens um Niveau vun den Zougangsbestëmmungen; drëtzens um Niveau vun der Tarifikatioun, wou d'Redevancé fir den Accès reduziéiert sollte ginn; a véiertens dann nach um Niveau vun der Kompetitivitéit, wou et drëms geet, den Eisebunnsssektor par rapport zu aneren Transportsecteuren ze stäerken. Dës opgrond vun der Tatsaach, dass just 10% bis 12% vun de Gidder an Europa iwwert d'Schinn transportéiert ginn an de ganze Rescht iwwert d'Strooss, de Fliger oder d'Schëff, wat schonn eleng ekologesch net tragbar ass!

Donieft gesäit dës Refonte och vir, déi confidentiell Daten, déi fir statistesch Zwecker benotzt ginn, besser ze schützen an d'Onofhängegkeet vun den nationale Kontrollinstanzen ze verstärken, dat op Basis vum Resultat vum Bilan, deen ech virdrun erwänt hunn.

Wat heescht dat alles elo fir Lëtzebuerg? Léif Kolleginnen a Kollegen, mam Projet de loi vun haut transposéiere mer eng weider EU-Direktiv, d'EU-Direktiv 2012/34, an nationaalt Recht a verhéinneren domat, dass Lëtzebuerg eng Astreinte vu ganz genee 8.710 Euro am Dag un d'Europäesch Kommissioun muss bezuelen. Dat wiere bal 3,2 Milliounen Euro Strof am Joer!

Dese Projet de loi modifizéiert awer och eis national Gesetzgebung an deem Sënn, dass verschidden Dispositionen an eise véier nationalen Eisebunnsgesetzter aus de Joren 1995, 1999, 2009 an 2010 musse modifizéiert ginn.

Dat éischt Gesetz, dat vun 1995, bezitt sech op d'Gestioun vun der Eisebunnsinfrastruktur. Dat zweet op den Accès an op d'Benotzung vun der Infrastruktur. Dat ass d'Gesetz vun 1999. Dat drëtt op d'Sécherheet vum Eisebunnssréseau an dat véiert op d'Regulatioun vum Eisebunnsmarché. Dat ass dann d'Gesetz vun 2010.

Dir verstitt, dass ech aus Zäitgrënn net op déi 110 Artikel vum deemem Projet de loi aginn.

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

(Hilarité)

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng), *rapportrice*.- Ech verschouwen lech och vun de fënnf Annexen a verweise fir all Interesséiert op mäi schrëftleche Rapport. Dir hutt gläich Vakanz a kënnt en iwwert d'Chrëschtdeeg liesen, wann Der keng besser Lektür doheem parat hutt.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zu den Aarbechte vun der Nohaltegkeetskommissioun an zu deene verschiddenen Avisen.

Nodeems de Projet de loi den 21. Dezember 2015 vum Nohaltegkeetsminister François Bausch déposéiert gi war, huet de Statsrot säin éischten Avis de 27. Oktober 2016 ofginn, also iwwer zéng Méint nom Dépot vum Projet de loi, wat de Retard bei der Émsetzung net grad verkierzt huet.

Net begeschtert war de Statsrot iwwert d'Approche vun den Auteuren, mat deemem Projet de loi véier Gesetzter ze modifizéieren, amplaz sech op en eenzegen neie Gesetzestext ze limitéieren. Donieft hätt de Statsrot begreist, wann d'Auteure méi Erklärungen zu den Artikel geléiwert hätten, vu dass et sech jo hei ëm eng zimlech komplex Matière handelt, jiddefalls fir Leit, déi net an deem Domän doheem sinn.

Wat déi textuell Ännerungen ugeet, déi de Statsrot proposéiert huet a sengem éischten Avis, huet d'Nohaltegkeetskommissioun deene Proposen alleguer Rechnung gedroen, an am Avis complémentaire vum 6. Dezember 2016 huet de Statsrot keng Kritik méi erhuewen an huet de Projet de loi integral guttgeheescht.

Ech komme bei d'Chambre de Commerce, déi sech och zu deemem Projet de loi zu Wuert gemellt huet, dës an hirem Avis vum 25. Januar 2016. Dës Beruffskummer gesäit am europäeschen Eisebunnssmaart e grouss ekonomescht Potenzial a begreist och, dass dese Projet de loi souwuel d'Qualitéit wéi och d'Effikassitéit vum Schinnentransport soll verbesseren. Manner zefridden ass d'Beruffskummer awer do-riwwer, dass am Projet de loi keng Referenz gemaach gëtt op eng méiglech an och ganz wichteg finanziell Bedeelegung vum Stat, well et jo ebe just muss drëms goen, den Eisebunnsssektor par rapport zu aneren Transportsecteuren méi konkurrenzfähig ze maachen.

Dann vum Avis vun der Chambre des Salariés, déi e ganz extensiven a ganz kriteschen Avis eraginn huet, dat war de 16. Dezember 2015 (veuillez lire: 16. Februar 2016), an deen eigentlech déiselwecht Meinung vertrëtt wéi d'Gewerkschaften an deser Matière. Laut der CSL geet esou eng Politik, déi hei verfollegt gëtt, net nëmmen op Käschte vun den Aarbechtskonditiounen a vun de sozialen Errungenschaften am Sektour vun der Eisebunn, mä och op Käschte vun der Sécherheet, der Qualitéit an der Pérennitéit vun den Infrastrukturen a vun de Réseauen.

Aus deem Grond verlaangt d'CFL, pardon, verlaangt d'CSL, dass de Stat seng Responsabilitéit weiderhi soll a muss iwwerhuelen an dass keng Trennung tëschent dem Gestionnaire vun der Infrastruktur an den Operateuren däerf entstoën. Dat heescht, eng Fragmentéierung vum Réseau muss onbedéngt verhënnert ginn!

D'Nohaltegkeetskommissioun huet sech hirersäits a véier Sëtzunge mat deemem Projet de loi befaasst an huet mä Rapport de 15. Dezember 2016 ugeholl.

Zum Schluss wëllt ech dem Här Jeannot Poeker, dem Chargé de direction vun den CFL am MDDI, e grouss Merci fir seng kompetent Ënnerstützung an deem Dossier ausdrécken, dann awer och senge Mataarbechterinnen Anouk Ensch an Irena Medakovic. E weidere Merci, wéi ëmmer, geet och un eis Sekretärin Rachel Moris.

Här President, domat hunn ech meng Aarbecht als Rapportrice ofgeschloss. A wann Dir erlaabt, klammen ech nach kuerz an d'Haut vun der grénger Fraktioun, fir d'Positioun vun eiser Fraktioun zu deemem Projet de loi duerzeleeën.

Discussion générale

Dir Dammen an Dir Hären, als gréng Fraktioun sti mir ganz kloer zu Europa. A fir eis ass d'Netëmsetze vun enger europäescher Direktiv mat enger Strof vun 3,2 Milliounen am Joer keng Optioun, och wann net all Direktiv eis gefällt. Dowéinst ënnerstëtze mir dese Projet de loi.

Am Kontext vun der europäescher Eisebunnspolitik si mir awer als Gréng och iwwerzeegt, dass eng Direktivergab vun den Eisebunnsservicer ouni ëffentlech Ausschreiwung déi eenzeg Méiglechkeet ass, fir d'Qualitéit an d'Quantitéit vun de Servicer oprechtzerhalen a fir déi sozial Errungenschaften am Sektour ofzesécheren.

Eng Trennung tëscht dem Gestionnaire vun der Infrastruktur an den Operateuren, déi d'Infrastruktur jo eigentlech just aus Profitgrënn benotzen, wier an eisen Ae fatal fir eist Land, an net nëmme fir Lëtzebuerg, mä och fir vill aner kleng Länner a Regiounen.

Firwat? Ganz einfach, well déi kleng an dowéinst manner rentabel Eisebunnslinnen domat séier condemnéiert wäeren. Aus deem Grond begreisse mir, Här Minister, dass Dir lech während der Lëtzeburger EU-Présidence am Oktober 2015, wou iwwert de véierte Paquet ferroviaire verhandelt ginn ass, konnt duerchsetzen, zimlech radikal, an dass Dir Derogatiounen fir kleng a mëttelgrouss Eisebunnslinnen a Réseauen erausgeschloen hutt.

Fir Lëtzebuerg heescht dat, dass mir eis d'nächst Joer am Kader vun den Diskussiounen iwwert de véierte Paquet ferroviaire mat engem gudden Gesetz kënne befaassen, wat déi Lëtzeburger Eisebunnsservicer an hir Salarië virun der Liberaliséierung wäert schützen a wat d'Risiken, déi sech hannert der Refonte verstoppen, eliminéiert, well eist Land net forcéiert gëtt, eng Ausschreiwung virzehuelen.

An deem Sënn freeë mer eis op déi Diskussioun an ech ginn elo schonn den Accord vun der grénger Fraktioun fir dese Projet de loi a soen lech och nach Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci der Madamm Lorsché. Dann huet d'Wuert den Här Serge Wilmes.

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Jo, ech soe Merci fir de Rapport an ech ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Dat war rekordverdächtig! An d'Wuert huet elo den Här Roger Negri.

► **M. Roger Negri** (LSAP).- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Eischt wëll ech e grouss Merci soen der Rapportrice, der Madamm Josée Lorsché, fir hire gudden schrëftlechen a mëndlechen Rapport. An, wéi se gesot huet, sinn et iwwer 105 Artikelen. Et ass net einfach, fir do virun allem d'Essenz erauszeshielen. An dofir nach eng Kéier och en extrae Merci.

Zanter ronn 15 Joer liberaliséieren an harmoniséieren mer an Europa schrëttweis de Schinneverkéier. De Gesetzesprojet, deen haut virläit, bréngt par rapport dozou keng ganz grouss Ëmännerungen. Et handelt sech un éischter Stell, wéi d'Rapportrice gesot huet, ëm eng Refonte, wou déi besteeënd Direktiven zesumme-gesat ginn a wou mir déi jo dann och a véier Gesetzter ëmsetzen.

Ech wëll awer vläicht eng kuerz Remarque maachen zum Kontext, an dee dese Projet de loi aschreift. Dat deklaréiert Zil vun alle Mesuren, déi d'EU an deene leschte Joren a Jorzéngten am Beräich vum Schinneverkéier geholl huet, ass, fir méi e groussen Undeel vum Wuere- a vum Persounentransport vun der Strooss op d'Schinn ze kréien an domat méi ëmweltfrëndlech Transportweeër ze kréien, zu deenen natierlech och d'Eisebunn gehéiert.

D'Ursaach, firwat d'Eisebunnen net méi konkurrenzfähig sinn, sinn net ëmmer bei den Eisebunnen ze sichen. Dat gëtt awer gemaach. Net effizient, ze vill protektionistesche gefouert, ze vill verschidden technesch Standards. Géint all dës tatsächlech oder vermeintlech Mësstänn ass d'EU mat enger konsequenter Liberaliséierungspolitik virgaangen. An och dese Projet schreift sech an dës Logik an.

Mir hunn eis hei zu Lëtzebuerg un d'EU-Reglementatiounen ëmmer ugepasst an, d'Rapportrice huet et gesot, mir hunn och keen anere Choix! Ech mengen, dofir war et jo och de Wonsch vum Transportminister, fir dat nach dës Joer hei geneemegt ze kréien, well eis soss eng Strof drot. An ech mengen, dat solle mer eis net undoen, well mer souwiso jo vun aneren Dossiere wëssen, wéi dat ausgeet.

Mä et ass net ëmmer ganz einfach als kleng Réseau mat eise Spezifitéiten, wou mer direkt eis grouss Nopere ronderëm hunn, eis unze-passen. Dofir muss een och ganz gutt oppassen, wéi déi Saache sech do entwéckelen.

De véierte Paquet ferroviaire steet jo och da virun der Dier an do gi mer dann och dovun aus, dass mer an darselwechter Logik wéi bis elo do virginn. An och hei wëllt ech mech der Rapportrice uschleissen, un de Merci un den Transportminister, deen et jo da fäerdegbruecht huet an der leschter Présidence zu Lëtzebuerg, wierklech do am Kader vum Conseil sech duerchzusetzen an och fir Lëtzebuerg do eng gutt Léisung erauszeschloen.

Dofir, Här Minister, wëll ech lech extra Merci soen. Ech mengen, d'Europaparlament huet och jo elo de Paquet gestëmmt. An ech mengen, Dir hat eis jo och an der leschter Kommissiounssitzung gesot, dass Der schonn amgaang sidd, och dorunner ze schaffen, an do wënsche mer lech och all Succès an do kritt Der och eis Ënnerstützung.

D'Argument, firwat mer awer dee véierte Paquet elo mussen ugoen, ass, laut der EU, d'Feststellung, dass den Undeel vun der Bunn um Verkéier net zou- mä ofgeholl huet. Et kann ee vläicht just eng Kéier kuerz déi Chifferen do nennen. Et kann een am Fong et esou résuméieren, dass op der Eisebunn 2% manner Trafic ass an de Stroosseverkéier all Joer ëm 2% zouhëlt.

Aner wesentlech Hindernisser ginn ausser Uecht gelooss. Soulaang wéi mer de Stroosseverkéier méi staark ënnerstëtze wéi de Schinneverkéier, brauche mer eis iwwert dat Resultat awer guer net ze wonneren. A wa mer wëllen, dass e substanzialen Deel vum Verkéier vun der Strooss op d'Schinn verluecht gëtt, da brauche mer och dofir déi entsprecheend Capacitéiten.

D'LSAP stëmmt deemem Projet de loi och zou. Et geet awer net duer, d'Eisebunnsgesellschaften ënnerteneen ënner erhéichte Konkurrenzdruck an Europa ze setzen, fir e bessere Service oder méi attraktiv Offeren am Schinneverkéier ze kréien. Et brauch een och regelméisseg Investitiounen an d'Infrastruktur.

Dat geschitt hei zu Lëtzebuerg, awer nach net iwwerall an Europa, wa mer da wëlle wierklech an deem Sënn do konkurrenzfähig ginn. Dofir muss mer eis um europäeschen Niveau dofir asetzen, dass méi Suen an d'Eisebunn, an d'ëffentlech Infrastrukture gesat gi wéi an de Stroossebau. Zu Lëtzebuerg hu mer do eng Trendwend jo zanter e puer Joer erreecht. Mä dat muss dann, wéi gesot, a ganz Europa



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries:

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

geschéien, wa mer eng Chance wëllen hunn op der Schinn géint de Stroosseverkéier.

Ech wëll just nach eng Kéier ganz kuerz soen: Firwat ass dann och dee Problem esou grouss? Et ass net, dass op den Eisebunnssréseauen - do kann een nach vill verbesseren, dat wësse mer allegueren -, mä op der Stroossesäit... Gitt lech emol eng Kéier op der Aire de Berchem oder Aire de Capellen ukucken, ënner wat fir enge Konditiounen déi Leit, déi Camionschauf- feuren do musse liewen. Déi féieren eng Aart Nomadeliewen. An ech mengen, dat ass deel- weis net mënschewürdeg!

(Brouhaha et coups de cloche de la prési- dence)

Ech sinn direkt fäerdeg, Här President. An ech mengen, soulaang wéi do näischt geschitt an deem Beräich, huet d'Schinn géint d'Strooss keng Chance!

An deem Sënn wëll ech den Accord gi vu menger Fraktioun a soen lech Merci fir d'No- lauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Negri. Dann huet den Här Gusty Graas d'Wuert. Dee Richtegen.

(Hilarité)

► **M. Gusty Graas (DP).**- Gëtt et och nach e Falschen?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ma neen, ech hat jo den Här Berger mat lech ver- wiesselt.

► **M. Gusty Graas (DP).**- Dat kënnt vir. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et sinn e puer Chifferen, déi engem dach ze denke ginn, an zwar, wann een emol d'Eurostat-Analysen hei e bësselchen nach eng Kéier ervirbréngt. Wat elo den Undeel vum Zuch- par rapport zum Autosverkéier an zum Camionsverkéier ubelaangt, da mierkt ee jo ganz séier, datt och an deem leschte Jorzéngt do keng grouss Ent- wécklung vir sech gaangen ass. Zum Beispill 2012 ware 7,4% vun allen Déplacements an der Europäescher Unioun nëmme mam Zuch gemaach ginn. 2002 waren dat 6,8%. Also nëmmen eng llicht Verbesserung no uewen.

Mir als Lëtzebuenger Land stinn zwar do méi positiv do. Et muss een och hei nach eng Kéier ënnersträichen, datt mer jo enorm Efforten an deene leschte Méint och hei gemaach hunn, besonnesch ënnert där neier Regierung. Ech wëll nëmmen zum Beispill un déi nei Streck erënneren, déi mer gestëmmt hunn zwësche Lëtzebuerg a Beetebuerg, wat ouni Zweifel eng grouss Valorisation vum Eisebunnssréseau wäert mat sech bréngen.

Allerdéngs hu mer nach ganz grouss Retard, wat de sougenannten „modal split“ ubelaangt, och hei zu Lëtzebuerg. Ech wëll drop hiweisen, datt Eisträich zum Beispill dat Land ass, wat de Moment am Fong geholl déi beschte Propor- tion huet, virun Ungarn an Dänemark. Mir sinn do nach net onbedéngt am absolute Spëtzeloton. Mir mussen also och nach ge- wëssen Aarbechte maachen.

Et dierf ee jo net vergiessen, datt d'Europäesch Unioun, och wa se elo wahrscheinlech e Mem- berstat wäert verléieren, datt se awer bei der Awunnerzuel wäert an den nächste Joren trotzdeem nach wuessen. Dat stellt eis natier- lech virun nei Erausforderungen, wat den ef- fentlechen Transport an den Transport insge- samt ubelaangt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir diskutéieren haut iwwer eng Reform vum éischte Paquet ferroviaire. Gläichzäitg gëtt awer schonn iwwert de véierte Paquet ferroviaire dichteg dis- kutéiert. Dat ass natierlech eng ganz cocasse Si- tuatioun! Mä bon, dann ass dat eben esou.

De Bilan vun deem éischte Paquet ass jo net onbedéngt positiv, fir net méi ze soen. Duerfir sinn an dësem Gesetz jo awer trotzdeem eng Rei vu Verbesserungeng virgesinn. Ech wëll se net nach eng Kéier all hei am Detail diskutéieren, wëllt awer vläicht op e puer Punkten agoen.

Mir begreifen, ënner anerem, datt de Réseau jo soll nach ausgebaut ginn. Virun allem denkt een natierlech hei un éischter Linn och un den TGV, wat eng seriö Alternativ zum Fliger ass, virun allem awer wat deen ekologeschen As- pekt ubelaangt. Da soll eng Internalisation vum den Émweltkäschte jo méi seriö virgeholl ginn. Och dierf een net vergiessen, datt nei Tracée vun der Eisebunn awer kënnen eng Rei Schied um Niveau vun der Émwelt mat sech bréngen. Dat gesi mer jo och elo beim drët- te Gleis, wat gebaut gëtt. Dowéinst musse jo Kompensatione virgesi ginn.

En zweete Punkt, op deen ech kuerz hei wëll agoen, dat ass natierlech de Volet Konkurrenz, deen zum Deel och ëmmer fir gewëssen Opre- gunge suert a verschiddene Gesellschafts- dealer, wat ech verstinn. Mä et dierf een awer net vergiessen, wa mer gär eng effikass Eise- bunn hätten, da muss awer och en Deel Kon- kurrenz matspillen, och wa mer eis hei, wéi ge- sot, an engem delikate Beräich bewegen.

Da si mer natierlech och séier bei der Kontroll. Dat bréngt mech dann zum drëtten Punkt, op deen ech wëll kuerz hei agoen, dat ass de Sécherheetsaspekt. Och do muss ouni Zweifel nach méi eng Harmoniséierung um europäe- sche Plang ugestriift ginn. Mir stellen nach ëmmer eng gewëssen Diskrepanz do fest. Wann een eng Analys vun deenen eenzelne Ré- seaue mécht, da gesäit ee jo awer, datt eenzel Länner, an ech wëll se elo net hei namentlech nennen, awer nach mussen do ganz grouss Ef- forte maachen. Mir hu jo och e gewëssene Per- sonalmangel, wat de Kontrollberäich ube- laangt. Et weess ee jo, datt awer déi meescht Accidenter op mënschlech Feeler zrëckzeféiere sinn. An déi Kontrollinstanze mussen natierlech och méi onofhängeg ginn. Dat ass e wesent- lechen Aspekt.

Vläicht dann nach e véierte Punkt. Et ass gutt, datt d'Roll vun de Gestionnaires am Fong ge- holl hei elo méi kloer definéiert gëtt, datt méi eng genee Opschlüsselung ka kommen, wat eben déi staatlech Subventionen dann ube- laangt. De CFL hir juristesche Qualifikation gëtt dann och hei méi prezisiéiert.

Vläicht dann nach e kuerzt Wuert zu der Admi- nistration des chemins de fer. Déi ass jo 2009 duerch Gesetz geschafe ginn. Dat war dee- mools och net ganz onëmstridden. Entre- temps, mengen ech awer, datt et sech erausge- stellt huet, datt dat eng gutt Décisioun war. An ech wëll och op deen Délai hiweisen, deen hei fixéiert gëtt, datt se zum Beispill musse ban- nent véier Méint eng Antwort ginn. Eng Iwwer- leeung, déi ee vläicht kéint op aner Domänen transposéieren.

Ech mengen, dat, wat mer jo haut décidéieren, ass ganz wichteg, virun allem, et ass schonn e puermol hei gesot ginn, well mer ebe soss ris- kéieren, eng Amende ze bezuele vun 3,2 Milliounen d'Joer. Mir erliewen dat jo quasi dagdeeglech och an engem anere Beräich. Duerfir wier et jo méi wéi schued, wa mer erëm eng Kéier misste Geld bezuelen, well mer eis Hausaufgab net an deem Sënn gemaach hunn.

Wéi gesot, de Moment gëtt jo dann e véierte Paquet hei diskutéiert. Ech wëll och drop hiwei- sen, datt d'Ouverture vum Marché vun den na- tionale Servicer fir de Persounentransport bis 2019 jo soll dann definitiv iwwert d'Bün goen. Dat bréngt jo dann natierlech och eng Rei Froe fir d'Eisebunn mat sech.

Bon, ech gesinn, datt meng Zäit hei ofleeft. Da muss ech mech also nach méi kuerz faassen, wat dann d'Konklusion ubelaangt.

Jiddefalls, d'Demokratesch Partei ralliéiert sech och deem, wat meng Virriedner hei bis elo scho gesot hunn. Mir stinn och zu den Décis- ionen hei, zu deem Gesetz hei an ech brén- gen den Accord vun der DP. Ech wëll awer dann och nach der Madamm Lorsché Merci soe fir deen exzellente schrëftlechen an och mëndleche Bericht.

► **Plusieurs voix.**- Aah! Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech gesinn, den Här Wagner wénkt mer. En ass ganz frëndlech an en dierf och direkt op d'Riednerpult.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Ech bleiwen emol hei, da geet et méi schnell, Här President. Et ass souwisou fir ganz kuerz.

Den Albert Einstein huet eng Kéier gesot, datt d'Definition vum Wahnsinn déi ass, ëmmer erëm déiselwecht Saach ze maachen a sech dobäi aner Resultater ze erwaarden. Ech hunn e bëssen den Androck, datt dat och e bëssen de Slogan kéint si vun der Liberaliséierungspoli- tik vun der Europäescher Unioun.

Elo stëmme mer eng Reform vum éischte Liberaliséierungspak. Ech faasse mech kuerz. Et wäert lech och net wonneren. Mä ze be- haapten, datt méi Konkurrenz op der Schinn, op der Bunn profitabel wier fir iergendeen, fir den Usager - ech benotze bewosst den Terme „Client“ jo net -, fir den Usager an iwwerhaapt fir d'Infrastrukturen a fir d'Qualitéit vun der Ei- sebunn, dat ze behapten ass Quatsch!

Et muss een ophalen. Ech verstinn net, datt een nach esou eppes ka behapten. Et brauch ee just ze kucken: D'Realitéit ass genau de Gé- gendeel. Et huet sech degradéiert a Länner wéi Frankräich, an der Belsch an esou weider. An et huet directement eppes domadder ze dinn. D'Eisebunn degradéiert sech, den éffentlechen Transport degradéiert sech, an dat ass eng Konsequenz vun der Konkurrenzpolitik op der Eisebunn.

Den Här Negri huet à juste titre vun de Ca- mionschauffeure geschwat, déi an deene So- ciétéite schaffen an déi quasi an onmënschle- chen, quasi sklavenhaltermeisse Konditiounen musse schaffen. Et ass en immens liberaliséierte Milieu. Do herrscht Konkurrenz. Ech verstinn net. Am Prinzip misst jo alles ganz gutt sinn, well zënter 20, 25 Joer héieren ech soss näischt vun ëmmer deeneselwechten: „Konkurrenz a Li- beraliséierung, dat ass gutt fir d'Qualitéit, gutt fir den Usager, gutt fir d'Leit“ an esou weider.

Et weess jiddwereen, datt dat totale Quatsch ass, totale Brach ass! Dofir wäerte mir och der- géint stëmmen. Mir wäerten eis prinzipiell em- mer géint all Form vun Aménagement vun der Liberaliséierung wieren. Et muss ee sech der- géint wieren. D'Leit musse sech dergéint wie- ren. An ech sinn dervun iwwerzeegt, datt à moyen et à long terme all déi Liberaliséierung- en, op der Schinn an och uewen am Himmel, datt déi erëm wäerten zrëckgäeng gemaach ginn. Ech wäert mech ganz staark drop freeën, a Milliounen Leit och.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Wagner. An d'Wuert huet elo den Här Nohaltegkeetsminister, deen ënner anerem och fir deen heite Beräich zoustänneg ass.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch, Ministre du Dévelop- pement durable et des Infrastructures.**- Merci, Här President. Fir d'Eischt emol Merci natier- lech un d'Rapportrice fir dee gudden schrëft- lechen a mëndleche Rapport, an natierlech al- len Deputéierte respektiv Fraktiounen, mat Aus- nam vun enger, fir dann d'Zoustëmmung.

Ech muss soen, ech sinn e bëssen iwwerrascht iwwert déi Aussoen, déi elo um Schluss ge- maach gi sinn. Bon, Dir wësst, datt ech sécher- lech an deem heiten Domän kee ferventen Un- hänger sinn effektiv och vun där iwwerdrüwe- ner Liberaliséierung, wéi se an Europa gemaach ginn ass. Dat war jo och de Grond, firwat ech mer zum Zil gesat hat, fir am Kader vun der Lëtzebuenger Présidence dee véierte Paquet fer- roviaire esou emgeännert ze kréien, datt mer net nëmme fir Lëtzebuerg an déi kleng Länner do eng ganz aner Situation erauskritt hunn, mä generell e Richtungswiessel kritt hunn an der Ausrichtung vun der Eisebunnspolitik oder vum schinnegebonnene Verkéier an Europa. Well dat, wat elo vum Parlament och definitiv verofschit ginn ass, dat ass eigentlech dat, wat mir ënner Lëtzebuenger Présidence ausgehan- delt haten. Do ass net méi wesentlech vill dru geännert ginn. An dat ass schonn e wesentle- che Richtungswiessel par rapport zu virdrun.

Ech muss allerdéngs soen, datt, wann hei emol esou einfach locker behaupt gëtt, datt déi De- gradéierung, déi mer hätten an den Eisebunn- réseauen an Europa, datt dat nëmmen dermat ze dinn hätt, datt mer extrem Liberaliséierung an Europa gehat hätten an de leschte 15 Joer, datt dat net stëmmt.

Ech kann lech soen, ech hu vill ze di mat mengen Nopeschkolleegen, Nopeschréseauen. An och wann ech kee ferventen Unhänger si vun där iwwerdrüwener Liberaliséierung, wéi se gemaach ginn ass, muss ech lech awer och soen: Et kann net méi esou weidergoen, wéi et am Moment ass a verschiddene Länner, datt Ei- sebunnsgesellschaften - ech wëll emol soen - e bësse wéi Dinosaurier fonctionnéieren a sech net bewegen. Ech mengen, et muss awer och Bewegung dra kommen, well näämlech, wann den Eisebunnsssektor sech soll entwéckelen, da muss sech awer och d'Mentalitéit an den Eise- bunnsgesellschaften e bëssen änneren; fir et emol fein auszedrecken.

(Interruption)

Jo, dat ass awer net... Ech kann lech soen, ech komme gär eng Kéier an d'Kommissioun. Da ginn ech lech genuch Beispiller vun Diskussioun- en, déi ech de Moment hu mat Nopeschré- seauen, wou mir ganz vill gutt Iddien hunn. A wann ech gesinn, mat wat fir enger Schwéier- fällgkeet déi zum Deel emgesat ginn, dat ass awer och net ëmmer grad esou, wéi mer den Eisebunnstransport fit gemaach kréien. An dat huet näischt mat der Liberaliséierung ze dinn, mä dat huet eppes dermat ze dinn, datt awer och do Struktüre sinn, déi, mengen ech, dem 21. Jorhonnert net méi grad ugepasst sinn. Dat muss een awer och emol eng Kéier soen. Duer- fir, dat ze reduzéieren op Liberaliséierung, dat ass sech d'Liewen einfach gemaach.

An duerfir, wann Der hei kuckt, em wat et hei geet. Hei gëtt jo näischt Wesentlech méi ge- ännert un deem, wat an deene leschte Jore ge- schitt ass. Et gëtt am Fong just festgestallt: Eischstens, am Virfeld vun där Direktiv ass fest- gestallt ginn, datt net esou investéiert ginn ass an d'Reseauen, wéi sech dat erwaart ginn ass, och net vun de Länner an och net vun de Ge- sellschaften. An da gëtt versicht hei, verschidde Saachen ze clarifiéieren, ze moderniséieren, de Kader besser ze setzen, fir den Investissement ze stimuléieren.

Ech kann nëmme feststellen: Mir sinn zwar hei verklot ginn als Lëtzebuerg, well mer d'Direktiv ze spéit emsetzen. Et kascht eis zwar elo näischt, well mer stëmmen et jo elo haut an dann huet dat, souguer wann nach en Uerteel sollt kommen, null Inzidenz. Dat heescht, dat kascht de Lëtzebuenger Stat elo keen Euro. Fir- wat dat elo esou laang gedauert huet, ech wëll net dorobber agoen, d'Madamm Rapportrice huet dat schonn zum Deel gemaach.

Mä ech kann awer just feststellen, wann ech d'Zuele kucken, a mir hunn eis emol d'Méi ge- maach, déi emol e bëssen erauszuschreien aus deem heite Kontext, datt op alle Fall déi Kriticken, déi gemaach gi sinn, a firwat et zu där heiter Reform komm ass bei den Investisse- menter, dat fir eis, op alle Fall fir déi lescht Jo- ren, net zoutreëft.

Wann ech kucken, wat mer tèschent 2014 an 2018 an den Eisebunnssréseau investéieren, dat sinn 1,7 Milliarden Euro! Ech géif dat gär ver- gläichen och am Verhältnis zu deem, wat a grouse Länner, am Ausland, souguer wou libe- raliséiert ass, investéiert gëtt. 1,7 Milliarden! A mir hu jiddefalls am Pluriannuel virgesinn, datt och no 2018 zousätzlech pro Joer 400 Mil- liounen sollen investéiert ginn an eenzelne Proje- ten. Dat sinn enorm Zommen! Do muss Der wäit zrëck siche goen an d'Geschicht vu Lëtze- buerg. Do muss Der wahrscheinlech an d'Vir- krichszäit goen, fir ze kucken, ob jeemoos eng Kéier an enger Legislaturperiod esou vill inves- téiert ginn ass wéi dat heiten.

Ech wollt des Chifferen emol nach eng Kéier hei erëm erwänen, well jo och emol an der leschter Zäit, et ware jo och elo Budgetsdebat- ten, oft behaupt ginn ass... an et gëtt ëmmer erëm versicht ze behaapten, dat war net esou. An dat ass d'Realitéit, an dat hu mer gemaach, ouni datt den éischte Paquet ferroviaire ge- stëmmt ginn ass. Dat ass einfach eng politesch Décisioun, déi derzou gefouert huet, datt mer dat maachen.

A wann Der d'Zuele kuckt, wou mer de Mo- ment stinn! Dat kënnt Der an d'Zuele vun der Kommissioun nokucke goen. Ech wëll der just dräi eraushuelen. Dat Eischt ass d'Augmenta- tion vun de Clienten am Joer tèschent 2009 an 2014. Do leie mir mat 5% op der drëtter Plaz an der EU; dat heescht extrem gutt. E Land wéi Frankräich zum Beispill, an duerfir hunn ech virdrun drop higewisen, läit op der 18. Plaz. 18. Plaz! Dat heescht, do hu mer ganz sécher eng Rei Problemer - an déi hunn och näischt mat der Liberaliséierung ze dinn -, fir- wat datt et do net virugeet. Also, och mat fal- sche Strategien, déi geholl gi sinn, deelweis vun deene jeeeweilige Gesellschaften.



An dann, wann Der d'Augmentatioun och vun den Tonne pro Kilometer beim Fret kuckt tëschent 2009 a 2014, zu Lëtzebuerg ass dat plus 10%, do leie mer op Plaz 3. Dat heescht, mir leien och do am Top 3. An dann natierlech interessanterweis, wann ech dann am Persoune-verkéier kucken, wou mengt Der dann - dat gëtt jo och gär zu Lëtzebuerg vill diskutéiert -, wou et déi gënschtegsten Tarifkatioun gëtt - ech zielen England emol nach derbäi, well dat ass jo dat Land, wat am meeschte liberaliséiert huet scho laang am Eisebunnsberäich - vun den 28 EU-Länner? Ma dat ass zu Lëtzebuerg!

Mir sinn Nummer 1 de Moment. Mir hunn déi gënschtegst Tariffer am Persounenverkéier a ganz Europa. Ech wollt dat och emol nach eng Kéier hei ennersträichen, wa sech emol lénks a riets beklot gëtt iwwert d'Tariffer, déi anscheinend esou deier wäeren, oder da gemengt gëtt, et misst ee vu Gratistransport schwätzen, wéi wann dat elo eng grouss Inzidenz hätt op d'Usteige vun dem Passagéieropkommen.

De véierte Paquet ferroviaire, ass gesot ginn, deen ass um Umarsch. Ech maache mer fir Lëtzebuerg do elo keng Suerge méi, well mir hunn dat effektiv do am Kader vun der Présidence gutt hikritt. An dat war net einfach, kann ech lech soen, well am Ufank, wéi mer dermat ugefaangen hunn, stoung mer zimlech eleng do. An, bon, mir hunn et awer fäerdegbruecht, an dat ass eng gutt Saach. Dee Paquet ferroviaire wäert och dat dann endlech maachen, wat de Statsrot kritiséiert huet. Mir wäerte versichen, dann d'Texter ze bündelen, datt mer méi eppes Kohärentes kréien, méi eppes Visibeles vun Text erauskréien.

An ech hoffen op alle Fall, datt, wann dee véierte Paquet ferroviaire, deen, wéi gesot, dank der Aarbecht, déi mer während der Présidence gemaach hunn, fir eis ganz gutt ass, wann deen elo gestëmmt ass, datt mer dann emol déi nächst Jore Rou hunn an datt sech konzentréiert gëtt op dat, wat mir hei zu Lëtzebuerg maachen, nämlech op den Invest an den Ausbau vun den Eisebunnen, an datt net een op d'Iddi kënnt ze mengen, gläich hanendrun erëm e fënnefte Pak ze schécken.

Ech si frou, d'Kommissäarin de Moment ass do total menger Meenung. Déi wäert dat op alle Fall net maachen. An ech mengen, datt et elo drop ukënnt, mat deenen Instrumenter, déi mer hunn, mat deene Korrekturen, déi mer mam véierte Pak virgeholl hunn, och an der Ausrichtung, datt d'Eisebunne sech an den nächste Jore gutt kënnen entwéckelen. Aus villfälteger Hisiicht ass dat extrem wichteg.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Nohaltegkeetsminister.

Domat wäere mer prett, fir iwwert de Projet de loi 6931 ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6931 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An d'Procurationen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

De Projet de loi ass mat 55 Jo-Stëmmen bei 2 Nee-Stëmmen an 3 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Och hei d'Fro vun der Dispens vum zweete Vott. Sidd Der d'accord?

(Assentiment)

Merci.

6. Ordre du jour

An dann hu mer d'Optioun, entweder d'Resolutioun ze huelen oder eist Reglement.

► **Une voix.**- D'Resolutioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Dann huele mer d'Resolutioun.

7. Résolution relative à la proposition de directive du Conseil concernant une assiette commune pour l'impôt sur les sociétés (COM(2016) 685) et de la proposition de directive du Conseil concernant une assiette commune consolidée pour l'impôt sur les sociétés (ACCIS) (COM(2016) 683)

- Art. 168 du Règlement de la Chambre

D'Finanzkommissioun, Kolleeginnen a Kolleegen, huet decidéiert, en Avis motivé un d'Europäesch Kommissioun ze riichten. D'Finanzkommissioun war am Kader vun der Kontroll vun der Subsidiariteit mat engem legislative Virschlag vun der EU-Kommissioun befaasst. Dee Virschlag betrëfft eng Assiette commune fir d'Steieren op d'Gesellschaften. An d'Finanzkommissioun koom zur Konkusioun, datt de Subsidiariteitsprinzip net respektéiert respektiv verletzt ginn ass.

Résolution

La Chambre des Députés,

considérant l'article 168 du Règlement de la Chambre des Députés;

rappelant que la Commission des Finances et du Budget a été saisie de la proposition de directive du Conseil concernant une assiette commune pour l'impôt sur les sociétés (COM(2016) 685) et de la proposition de directive du Conseil concernant une Assiette commune consolidée pour l'impôt sur les sociétés (ACCIS) (COM(2016) 683), propositions émanant de la Commission européenne et relevant du contrôle de subsidiarité;

constatant que la Commission des Finances et du Budget a adopté un avis motivé au sujet des propositions précitées;

décide de faire sien cet avis motivé de la Commission des Finances et du Budget ayant la teneur suivante:

«La Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg a examiné avec attention la proposition de la Commission européenne relative à une assiette commune pour l'impôt sur les sociétés et celle relative à une Assiette commune consolidée pour l'impôt sur les sociétés (ACCIS).

La Chambre des Députés, tout en saluant les efforts déployés par la Commission européenne dans la lutte contre les pratiques d'évasion fiscale ayant une incidence directe sur le fonctionnement du marché intérieur, souhaite exprimer ses préoccupations quant aux propositions de directives précitées et considère qu'elles ne respectent à ce stade ni le principe de subsidiarité ni le principe de proportionnalité au sens de l'article 5 du Traité sur l'Union européenne.

La Chambre des Députés rappelle que l'article 5 du Protocole n°2 sur l'application des principes de subsidiarité et de proportionnalité impose à la Commission européenne de motiver ses propositions législatives au regard des principes de subsidiarité et de proportionnalité. Le respect de cette exigence de motivation exige notamment la production d'une fiche contenant des éléments circonstanciés permettant d'apprécier le respect des principes de subsidiarité et de proportionnalité. Toutefois, la Chambre des Députés est d'avis que la Commission européenne est en l'occurrence restée en défaut d'apporter des éléments de preuve adéquats quant au respect de ces principes, notamment au regard des problématiques suivantes:

L'harmonisation de l'assiette imposable qui est induite par les propositions de directives impacte directement la prérogative des États membres de déterminer librement des aspects essentiels de leur politique fiscale. Or, la politique fiscale représente non seulement un élément fondamental de la souveraineté des États membres, mais constitue également l'expression de choix de politique sociale et économique tenant compte des spécificités de chaque État. En l'occurrence, la mise en œuvre des propositions conduiraient à ce que ces considérations (d'ordre politique, social et économique) propres à chaque État ne puissent plus être dûment prises en compte au niveau national, mais devraient à l'avenir être négociées à l'unanimité au sein du Conseil.

De par leur effet budgétaire négatif sur certains États membres - dont le Luxembourg -, les propositions de la Commission européenne sont égale-

ment susceptibles de réduire de facto la marge d'appréciation des États membres pour déterminer leurs taux d'imposition, étant donné que la baisse des recettes fiscales résultant pour certains États membres de la mise en œuvre de l'ACCIS devra être compensée par l'actionnement d'autres leviers budgétaires, dont notamment le niveau de taux d'imposition. Dans ce contexte, la Chambre des Députés note avec préoccupation que les propositions risquent d'impacter de façon disproportionnée les petites économies ouvertes au sein de l'Union. Dans la mesure où après mise en œuvre de l'assiette commune, le seul facteur de différenciation entre États membres serait le taux d'imposition des sociétés, la Chambre des Députés redoute une course vers le bas excessive.

La Chambre des Députés constate avec inquiétude que la Commission européenne n'a pas fourni d'arguments convaincants permettant de comprendre les raisons pour lesquelles une harmonisation de l'assiette imposable serait devenue nécessaire pour lutter contre l'évasion fiscale, alors que le Conseil de l'UE vient d'adopter en juillet 2016 une directive ayant pour objectif de lutter contre les pratiques d'évasion fiscale¹ et fixant à cet égard un degré minimum de coordination dans l'Union. À défaut de commencement de mise en œuvre de la directive 2016/1164, les avantages additionnels résultant de la mise en place d'une assiette commune consolidée et qui justifieraient une action au niveau de l'Union n'ont pas été clairement établis par la Commission européenne.

La Chambre des Députés nourrit également des doutes que les propositions en cause puissent permettre d'aboutir à un allègement des charges administratives. De par la mise en place d'un système d'imposition coexistant en parallèle avec le système d'imposition national, il est à craindre que l'éventuelle réduction des coûts de mise en conformité pour les entreprises ne soit en fin de compte contrebalancée par l'augmentation des coûts administratifs pour les administrations fiscales nationales, qui devront à l'avenir mettre en œuvre en parallèle deux systèmes d'imposition différents. La Chambre des Députés craint qu'une telle solution ne soit source de complexité additionnelle pour toutes les parties prenantes et qu'elle risque pour le surplus de poser des problèmes d'un point de vue du principe d'égalité devant la loi et l'impôt.

Les propositions de la Commission impliquent également que les règles en matière de prix de transfert ne s'appliqueront à l'avenir plus au sein de groupes de sociétés tombant dans le champ d'application de l'ACCIS. La Chambre des Députés craint qu'une telle solution ne contribue à créer des divergences entre les solutions agréées au sein de l'Organisation de coopération et de développement économiques (OCDE) et celles retenues par l'UE. En effet, si elles étaient mises en œuvre, les propositions de la Commission seraient susceptibles de porter une grave atteinte aux règles existantes agréées au sein de l'OCDE et seraient donc potentiellement en contradiction avec les conventions internationales applicables au Luxembourg, en Europe et au-delà. Une telle solution mettrait en doute l'attachement que les États membres de l'UE portent à l'efficacité des solutions trouvées au sein de l'OCDE, notamment dans le domaine des règles de prix de transfert.

(s.) Eugène Berger.

D'Prozedur, déi applizéiert gëtt, ass geregelt am Artikel 168 vun eise Chamberreglement. Den Avis motivé vun der Finanzkommissioun ass lech a Form vun enger Resolutioun verdeelt ginn. E Vote sans débat gëtt virgeschloen.

Ass d'Chamber domat d'accord?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Vote sur la résolution

An ech géif dann direkt zum Vott iwwert d'Resolutioun iwwergoen.

Sidd Der d'accord mat engem Vote à main levée?

(Assentiment)

Wien ass mat där Resolutioun d'accord?

Wien ass dergéint?

Zwou Géigestëmmen.

Enthalungen?

Keng.

Domat ass déi Resolutioun an deem Sënn ugeholl, dass mer se un d'Europäesch Kommissioun weider kënnen ginn.

An da géife mer op de virleschte Punkt vun eise Ordre du jour iwwergoen. Ech hunn nach eng kleng Iwwerraschung fir lech.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Dat ass d'Modifikationspropositioun vun eise Chamberreglement. An de Rapporteur, den honorabelen Deputéierten Alex Bodry, ass prett am Numm vun der Reglementskommissioun, de Rapport dozou ze maachen. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

8. 7098 - Proposition de modification des annexes 4 et 5 du Règlement de la Chambre des Députés

Rapport de la Commission du Règlement

► **M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Bei dëser Modifikatioun vun den Annexe 4 a 5 vun eise Reglement vun der Chamber geet et eigentlech ëm zwee verschidde Punkten. Et geet an éischter Hisiicht drëm, fir déi nei gesetzlech Regele vum Congé parental och fir d'Personal vun der Chamber ëmzesetzen. Duerch e Gesetz vum 3. November 2016 ass jo de Regimm vum Congé parental geännert ginn. En ass, insgesamt gesinn, verbessert ginn a Richtung vu méi Flexibilitéit vun neie Modeller a verschiddene Modalitéiten, respektiv ännert och de Rémunératiounsmechanismus par rapport zu der Gesetzgebung virdrun.

Fir d'Fonction publique u sech um Niveau vum Stat, um Niveau vun de Gemengebeamten, sinn déi néideg Ofännerunge scho vun Texter gemaach ginn am Kader vun deem Gesetz vum 3. November 2016, well do och dat modifizéiert Gesetz vum 16. Abrëll 1979 iwwert de Generalstatut vun de Statsfonctionnaire gläichzäiteg mat ëmgeännert ginn ass.

Mir mussen also hei eng spezifesch Ëmsetzung maachen, wat elo d'Personal vun der Chamber ugeet. Dat geschitt, wéi gesot, duerch déi heite Modifikatioun vun enger Annex vun eise Reglement. Dat ass also den éischte Punkt vun deem heiten Text, wou mer eis selbstverständlech eent zu eent un dee Modell halen, deen an der allgemenger Fonction publique och gëllt.

Dann déi zweet punktuell Verännerung, déi mer haut virhuelen, wa mer déi Modifikatioun vun eise Reglement hei stëmmen, dat ass déi, dass mer de Besoldungssystem vun eise Personal änneren an deem Sënn, dass mer jo haut eigentlech eng Dualitéit hunn. Déi Leit, déi vum 18. März 2005 agehallt si ginn, déi hunn en anere Besoldungssystem, en anere Statut, wat d'Rémunératioun ugeet, wéi déi, déi duerno, also ab dem 18. März 2005 agehallt gi sinn.

Déi Dualitéit bleift bestoen, mä déi Dualitéit war Deel vun enger Contestatioun, déi sech iwwer laang Joren och enner anerem a Gerichtsverfahren erëmgesspillt huet, virun eise Verwaltungsgerichter. An doropshin ass probéiert ginn, e Modus vivendi ze fannen, wat de Rémunératiounssystem also vum Chamberpersonal ugeet. D'Dualitéit bleift bestoen, mä fir déi Leit, déi also ab dem 18. März 2005 agehallt si ginn, kënnt e System vu Prime d'astreinte mat bäi, deen op verschidden Etappe vun Anciennetéit am Service opgebaut ass, soudatt dat fir déi dote Leit eng Verbesserung vun hirer Rémunératioun gëtt.

Zu deem ganzen Accord, deen och fonnt ginn ass tëschent dem Chambersbüro an der Vertriebung vum Personal hei vun der Chamber, gehéiert dann och eng nei Regelung, wat den Horaire respektiv besonnesch wat d'Berechnung vun den Iwwerstonnen hors cadre ugeet. An déi nei Regelung, déi wäert derzou féieren, dass manner Iwwerstonne wäerten ausbezuelte ginn.

Dat gëllt fir d'gesamt Personal. Hei ass also e Gesamtaccord fonnt ginn, wou net nëmmen eigentlech dat méi rezent agehallte Personal mat Partie prenante ass, mä et ass fäerdegbruecht ginn, fir en Accord ze fannen, wou dat gesamt Personal eigentlech och säin Accord zu där Regelung ginn huet, a wou si och direkt mat betraff sinn duerch déi nei Bestëmmungen, wat d'Ausbezuelung vun den Iwwerstonnen ugeet.

Soudass mer kënnen hei soen, dass mer also hei um Punkt sinn, dass mer dee gemeinsam ausgehandelten Accord hei och kënnen an eise Chamberreglement iwwerhuelen, an eisen Annexen. Dat Ganz trëtt den 1. Januar 2017 a Kraaft. An ech géif lech dann och am Numm vun der zoustänneger Reglementskommissioun, déi mech de 15. Dezember als Rapporteur designéiert huet, bidden, dës Modifikatioun vun eise Chamberreglement ze stëmmen.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Rapporteur.

Gëtt et Wuertmeldungen do derzou?

¹ Directive (UE) 2016/1164 du Conseil du 12 juillet 2016 établissant des règles pour lutter contre les pratiques d'évasion fiscale qui ont une incidence directe sur le fonctionnement du marché intérieur